Bëschofswuert zur Synodalitéit

# Weider Schrëtt um Wee vun der Synodalitéit

### Wann den Hellege Geescht matschwätzt

*Léif Schwësteren a Bridder*,

D'Synod iwwer d'Synodalitéit huet net nëmmen e Wee fir en erneiert Verständnis vu Kierch an hire Prozesser an d'Wee geleet, mee och konkreet Erfarungen am Nolauschteren, der Berodung, wéi dem Discernement gemaach. Mat Bléck op eng missionaresch Kierch soll d'Synodalitéit elo an der 3. Phas vun der Synod an den eenzelnen Diözeesen ëmgesat ginn.

Dobäi geet et em e spirituelle Prozess, deen ech Iech mat dësem Schreiwes ganz besonnesch un d'Häerz leeën. Nach wärend dëser Muttergottesoktav invitéieren ech Iech duerfir d'Uleies vun eiser Kierch a verännerten Zäiten der Tréischterin am Leed ganz besonnesch unzevertrauen. Och fuerderen ech jiddereen op, an de kommende Wochen eleng oder mat aneren an der Grupp d'Ofschlossdokument vun der Weltsynod[1] ze liesen a seng Inhalter ze verdéiwen, mam Bléck op déi jeeweileg pastoral Realitéit.

D'Ëmsetzung vun der Synodalitéit ass keng zousätzlech Aarbecht. Et ass e kontinuéierleche Prozess an eng Chance, fir eist pastoraalt Handelen an der Kierch an dëser Zäit nei ze iwwerdenken. Op dësem Wee soll d'*Gespréich am Geescht*, souwuel am Lauschteren op d'Wuert Gottes, wéi och d'Lauschteren op déi konkreet Realitéit zesumme praktizéiert ginn, an enger Kierch, an där *„Keen dozou beruff ass ze kommandéieren, mee villméi fir ze déngen; wou keen deem aneren seng Iddien opzwëngen oder anerer ausschléisse soll; mee wou jidderee beruff ass, fir sech aktiv anzebréngen, well keen eleng déi absolut Wourecht huet a mir all bescheiden op der Sich sinn.“*[2]

## Plaze vu gelieftem Glawen, wou den Hellege Geescht wierkt

Fir d'Implementéierung vun der Synodalitéit ze encouragéieren, hunn ech en diözeesaant Synodenteam agesat, dat an Zesummenaarbecht mat anere konsultative Gremien aus eiser Äerzdiözees, wéi dem diözeesane Pastoralrot, mat der Ëmsetzung vun der Synodalitéit beoptraagt ass.

---

[1] OFSCHLOSSDOKUMENT vun der SYNOD (OD), Fir eng synodal Kierch: Gemeinschaft, Participatioun a Missioun, Juli 2025
[2] POOPST LEO IV., Priedegt, Jubiläum vun de Synodenekippen an de partizipative Gremien, Oktober 2025

Säit dem Ufank vun dësem Pastoraljoer 2025/2026 hunn ech d'Memberen aus den diözeesane Gremien (Bëschofsrot, Priisterrot, diözeesane Pastoralrot, Dechensrot, Seminärsrot, Jugendrot) zu enger spezifischer Weiderbildung – *Gespréich am Geescht* – opgefuerdert, fir dës Method kennen ze léieren a si duerno an dat pastoraalt Schaffe mat afléissen ze loossen.

Och wann d'Gespréich am Geescht sécher keen Allheelmëttel ass, esou ass dëst dach e Schlësselprinzip vun der Synodalitéit, fir am Lauschteren op den Hellege Geescht an um Wee vun engem Discernement ze wuessen.

**_Gespréich am Geescht_ als e Schlësselprinzip vun der Synodalitéit**

Bei dësem Prozess sinn all Gedeefte gefrot a sollen abezu ginn. D'*Gespréich am Geescht* selwer ass eng Hëllef, fir eng spirituell Dynamik auszeléisen. An engem éischte Schrëtt ass et wichteg, fir d'*Gespréich am Geescht* an där enger oder anerer Grupp konkreet ze praktizéieren. Ënnerstëtzend steet dat diözeesaant Synodenteam Iech selbstverständlech gären zur Verfügung. Kontakt: synode-esprit@cathol.lu

**Wéi geet _Gespréich am Geescht_ elo konkreet?**

- De Grupp versammelt sech fir d'éischt am Plenum ëm d'Wuert Gottes. D'Gespréich am Geescht fänkt an der Reegel mat engem Gebiet zum Hellege Geescht un oder och engem entspriechende Lidd. E Moderator ("Facilitateur") dréit Suerg fir de konkreeten Oflaf. Den entspriechende Bibeltext gëtt virgelies.

- Duerno hëlt sech jiddereen eng Zäit vu perséinlechem Gebiet, fir an der Stëllt iwwer eng konkret Fro, an Zesummenhang mam Bibeltext, ze bieden. Am Uschloss iwwerleet deen Eenzelnen, wat hien deenen aneren duerno an der klenger Grupp vu senger Gebietserfarung wëllt matdeelen.

- Nom perséinleche Gebiet versammelen d'Leit sëch dann an der Klenggrupp. D'Raim fir d'Gespréicher an d'Andeelung vun de Gruppe gi virdru gemaach. De Moderator weist nach eng Kéier op d'Prinzipie vum Nolauschteren hin a behält d'Zäit am An.

- An engem éischten Tour deelt jiddereen eppes vu senger Gebietserfarung mat. Hie schwätzt ëmmer an der Ech-Form, wärend déi aner nolauschteren. De Moderator passt och op, datt keng Diskussioun entsteet. Virum zweeten Tour ass da nees e Moment vu Stëllt.

- Am zweeten Tour probéiert jiddereen op dat anzegoen, wat hien héieren huet: Hien ënnersträicht eppes, mécht eng zousätzlech Iwwerleeung oder stellt eng Fro. Déi aner lauschteren no a kommentéieren déi eenzel Bäiträg net. Dës Etapp schléisst of mat engem spontane Gebiet.

- Duerno kommen d'Leit nees am Plenum zesummen, wou de Prozess vum Lauschtere virugeet. No engem Entscheedungsprozess soll et dann zu engem Konsens kommen. Zum Schluss fuerdert de Moderator d'Leit dann op, wichteg Punkte schrëftlech festzehalen an d'Gespréich am Geescht gëtt mat engem Gebiet ofgeschloss.

Aus der Erfarung eraus eegent sech d'*Gespréich am Geescht* ganz gutt fir konkreet Theeme mat alle Betraffenen ze beschwätzen oder Spannungen am Team oder an der Grupp ofzebauen. (z.B.: En neie Katecheeseprojet, gréisser Changementer an der pastoraler Zesummenaarbecht, eng Désacralisatioun vun enger Kapell/Kierch déi usteet).

**Aner Erausfuerderungen an Impulser aus dem Schlussdokument**

- Färderung vun der Synodalität an hirer Spiritualität (SD Nr. 43–46).
- Stäerkung vun Entscheedungsprozesser (SD Nr. 81–86).
- Färderung vun der Synodalität bei Entscheedungen (SD Nr. 93–94).
- Méi eng grouss Dialogkultur an Transparenz (SD Nr. 95–102).
- Stäerkung vu partizipative Gremien (SD Nr. 103–106).
- Virbereedung vun enger Kiercheversammlung (SD Nr. 108).
- Nei Déngschter a Charismen, jee no pastorale Realitéiten (SD Nr. 60).
- Chrëschtlech Initiatioun genee ewéi Bildungsangeboter am Geescht vun der Synodalität (SD Nr. 117).

**E gemeinsame Prozess vun Ëmkéier[3]**

Et ass mir e grousst Uleies all Gedeeften an dëser drëtter Phas vun der Synod ze encouragéieren, besonnesch no de Pastoralvisitten, déi ech an deene leschte Méint an den Dekanater erliewe konnt. Fir weider Schrëtt um Wee vun der Synodalitéit ze goen, brauch et géigesäitegt Vertrauen, am Bewosstsäin, datt jiddereen opgrond vu senger Daf en Deel vun der Missioun ass.

Och wa mir net direkt Léisungen op déi pastoral Erausfuerderungen hunn, si mir geruff mat Christus um Wee ze bleiwen, an eis vum Hellege Geescht an eiser Sich leeden ze loossen. Dëst geschitt an engem Prozess vun Ëmkéier: Ëmkéier an de Bezéiungen, de Prozesser, an de Bindungen. Dobäi geet et virun allem drëm, fir déi kulturell a sproochlech Ënnerscheeder, déi eis Kierch ausmaachen, an e Ganzt ze integréieren, fir méi eng synodal Kierch ze ginn, eng Kierch, déi Brécke baut, an déi mat alle Mënsche wëllt an e liewegen Dialog trieden.[4]

Vertraue mir der Tréischterin am Leed eis Kierch un a biede mir ëm d'Kraaft vum Hellege Geescht, fir datt déi Gedeeften all zu missionaresche Jüngerinnen a Jünger ginn.

A grousser Dankbarkeet fir ären Engagement, mat mengem bëscheefleche Seegen

+Jean-Claude Kardinol Hollerich
Äerzbëschof vu Lëtzebuerg

*Lëtzebuerg, den 2. Mee 2026, um Héichfest vun der Tréischterin am Leed*

---

[3] SD n°140-151
[4] SD n°36